Esch-Uelzecht, de 15. Abrëll 2026

ACEL – de Studentevertrieder
2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

**Communiqué de presse vun der ACEL** : AideFi Reform - Méi Flexibilitéit an Ënnerstëtzung fir Student:innen

No de Parlamentswalen 2023 huet de Ministère fir Recherche an Héichschoul annoncéiert, d'Gesetz iwwert d'Studiebäihëllef nei opzestellen. Nieft enger Moderniséierung vum Gesetzestext sollt dës Reform och konkret Verbesserunge fir Student:innen mat sech bréngen. D'ACEL war vun Ufank un enk an dësem Prozess mat agebonnen an huet sech aktiv fir d'Interesse vun de Student:innen agesat. De 24. Oktober 2024 gouf eng Déclaration d'intention ënnerschriwwen, an där sech op 15 zentral Punkte fir d'Reform gëeenegt gouf. Fir d'ACEL ass et e kloert Zeeche vu gudder Zesummenaarbecht, datt all dës Punkten am virleiende Gesetzestext vum Projet de Loi Nr. 8636 erëmzefanne sinn.

Besonnesch positiv ass, datt de Plaffong vum Zënssaz fir de Prêt Etudiant vun 2% op 1,8 % erofgesat gëtt. An Zäite vu steigende Liewenskäschten ass dat e wichtege Schrëtt, fir ze verhënneren, datt Student:innen sech nach méi verscholden. Och d'Erhéijung vun der Bourse de mobilité ëm 5% setzt e wichtegt Signal: D'Fräiheet, tëscht engem Studium zu Lëtzebuerg oder am Ausland ze wielen, däerf keng Fro vum Budget sinn. Weiderhi gëtt mat der Iwwerhuelung vu Fraisen am Kader vun der Kandidatur, wéi Käschten déi am Kader vu Sproochentester oder Bewerbungsplattformen opkommen, eng konkret Barrière ofgebaut, déi vill Student:innen bis elo missten iwwerwannen ouni vum Staat ënnerstëtzt ze ginn.

D'Aféierung vum Deelzäitstudium mat enger hallwer Studiebeihëllef ass e wichtege Schrëtt a Richtung méi Flexibilitéit a méi sozial Gerechtegkeet am Héichschoulsystem. Och Leit fir déi e Vollzäitstudium net méiglech ass, sollen d'Chance ob e Studium erméiglecht kréien. D'ACEL begréisst och d'Verbesserunge fir Student:innen an enger situation grave et exceptionelle. D'Erhéijung an d'Indexéierung vun dëse Bäihëllefen déi vun der zoustänneger Kommissioun accordéiert kënne ginn ass essenziell, fir sécherzestellen, datt och an onverschold schwéiere Situatiounen e Studium weider méiglech bleift. D'ACEL begréisst datt an Zukunft e Psychiater an der zoustänneger Kommissioun matwierkt. Dëst ass e wichtegt Signal, datt mental Gesondheet déi néideg Opmierksamkeet kritt an och als Grond unerkannt gëtt, dass et mam Studium méi lues weidergeet.

**ACEL - Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois asbl**

contact@acel.lu
www.acel.lu

Tel.: (+352) 20 60 84 84
/acelluxembourg

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

(+352) 20 60 84 84 - **1** | Président·e
(+352) 20 60 84 84 - **4** | Vice-Président·e Représentation

SPUERKEESS
Partenaire officiel

Am Grousse Ganze gesäit d'ACEL an dëser Reform e Schrëtt an déi richteg Richtung. Si verbessert konkret d'Situatioun vu ville Student:innen a stäerkt d'Wielfräiheet an d'Accessibilitéit vum Studium. Mir soen dem Ministère Merci fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht an déi héich Transparenz am Laf vum ganze Reformprozess. Et war dobäi besonnesch wichteg, datt d'Stëmm vun de Student:innen bei dësem wichtege Gesetzestext mat agebonne gouf an datt d'ACEL sech mat hire Fuerderunge konsequent a staark fir si agesat huet. Gläichzäiteg bleift fir d'ACEL kloer, datt d'AideFi och an Zukunft weiderentwéckelt muss ginn, fir de reelle Liewenskäschten an de Besoine vun de Student:innen weider gerecht ze ginn.

**Mattis NOËL**
President
mattis.noel@acel.lu
+352 2060 8484 - 1

**Pit FELTES**
Vize-President Representatioun
pit.feltes@acel.lu
+352 2060 8484 - 4